Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Dezember 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

D'Sécherheet vun de Bus-Chauffeure gëtt akut diskutéiert, net eréischt zënter Bus-Linne vun hei an d'Frankräich wéinst der Onsécherheet net méi funktionéieren. D'Chauffeure sollen elo mat spezielle Kabinne geschützt ginn. Dës Initiativ dréit net zur Sécherheet vun de Passagéier bäi, iwwer déi an dësem Kontext net geschwat gëtt. Duerfir hunn ech dës Fro un den Här Transport- an d'Madamm Justizminister:

1. Ass et net un der Zäit, d'Sécherheet am ëffentlechen Transport fir d'Personal a fir d'Passagéier zu all Dag- a Nuechtzäit ze garantéieren?
2. Ass d'Regierung bereet, private Sécherheetsfirmen am Interessi vun de Passagéier a vum Personal dës Aufgaben ze iwwerdroen?
3. Wien ass responsabel, wann eng Persoun am ëffentlechen Transport en Affer vu Gewalt gëtt?
4. Ass kloer etabléiert, datt am Rumm vum RGTR net de private Busbetrib a säi Personal mee ëmmer den Transportministère d'Verantwortung dréit?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten